

Aart Invaliderent bezuelt, déi awer keng richtig Invaliderent ass. Et ass esou wéi mam Canada Dry, „ça lui ressemble, mais ce n'est pas de l'alcool". Et ass net gekläert, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro vun der juristescher Natur vun där Invaliderent do. Ech mengen, dass d'LSAP Recht huet déi Froen hei opzewerfen an engem Amendement.

Éischters muss de Bénéficiaire jo disponibel fir den Aarbechtsmaart sinn. Dat ass jo normalerweis net de Fall vun engem Invaliderentner, dee brauch net disponibel ze si fir den Aarbechtsmaart. Zweetens, mengen ech, wa mer esou déi Indemnité de réinsertion, déi jo soll equivalent mat enger Invaliderent sinn, definéieren, dann ass et jo awer kloer, dass déi auslännesch Organismes de sécurité sociale, déi eventuell müssen décidéieren, ob en Assuré och no hirem Recht invalid ass, awer séier Tendenz hu fir ze soen: „Dat do ass eng Indemnité spéciale. Dat huet eigentlech méi mam Aarbechtsrecht ze dinn, wéi mat der Sécurité sociale. Mir accordéieren op jidde Fall d'Invaliderent net.“

Do besteet d'Gefor natierlech, dass déi Leit, d'Frontalieren oder Leit, déi laang am Ausland geschafft hunn, dann awer de Risque hunn, dass se eng relativ kleng Invaliderent hei zu Lëtzebuerg kréien an am Ausland guer näischt.

Mir hätten eis prinzipiell gewënscht, dass aner Weeër gaange gi wieren. Et hätt ee sech alternativ Léisunge kënne virstellen iwwerhaupt wat déi ganz Prozedur ugeet. Et hätt een zum Beispill kënne soen: Zur Halschent gëtt eng regelrecht vollwäerteg Invaliderent ausbezueelt, déi jo der effektiv deelweiser Invaliditéit op där anerer Aarbechtsplaz entsprécht, an zur aner Halschent gi mer de Chômage, opgrond vun deem, wat de leschte Loun war. Mir ginn de Chômage bis zur Altersgrenz, wa kee Reclassement kënnt, wa mer et net fäerdeg bréngen, dee Mann oder déi Fra erëm ze reclasseieren um Aarbechtsmaart. Dat wär wahrscheinlech vill méi eng équitabel Léisung gewiescht.

Esou wéi de Projet elo ausgesäit, si mir der Meenung, dass en eng zäitweileg Hëllef bedeit fir vill Leit. E ka mat Sécherheet kengem schueden, dee Gesetzesprojet hei. En ass besser wéi näischt. E bréngt awer vill nei Problemer an der Praxis. Do ass guer keen Zweifel. Et wäerte vill gewerkschaftlech Konflikter ginn a Litigen op de Sozialgerichter, déi mat der Interpretatioun vun deem dote Gesetzesprojet zesummenhängen. Ech mengen, dass dee Projet muss an Zukunft grondsätzlech verbessert ginn, an duerfir ass et ze begrëssen, dass en Débat nach eng Kéier soll, no enger gewësser Zäit, stattfannen, fir ze kucke wéi an der Praxis dee Projet ausgesäit.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet nach d'Wuert gefrot.

3. Dépôt d'une motion

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, erlaabt mer fir d'éischt bei dëser Geleeënheet, fir eng Motioun ze deponéieren am Zesummenhank mat der Informatioun vun de Rentner, wat déi Renten ubelaangt, déi se elo ausbezueelt hunn, wat d'Resultat vum Rentendësch ass.

Motion

D'Deputéiertechamber

- stellt fest, datt d'Pensiounen vum Juli mat deenen de 5. Juni gestëmmt Augmentatiounen ausbezueelt goufen;
- stellt fest, datt dës Pensiounen ouni weider Explicatioun ausbezueelt goufen;
- stellt fest, datt dës Mangel un Transparenz eng Onmass - berechtigt - Nofroe mat sech gezunn huet;
- iwwerzeegt dovun, datt de Bierger e Recht op objektiv an novollzéibar Informatiounen huet, wat d'Zesummesetzung vu senger Rent ugeet;

fuerdert d'Regierung op

- de Rentner, mat all Ännerung vun hire Renten, e Blat mat detailléierten a verständlechen Informatiounen iwwert d'Zesummesetzung vun der jeeweileger Rent an hirem Berechnungsmodus zoukommen ze loos-sen.

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombero, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

4. Projet de loi 4872 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle (Suite)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut diskutéiere mer erëm iwwer eng Schwéiergebuert, déi véier Joer gedroe ginn ass, obwuel datt se hätt kënne ouni Césarienne op d'Welt gesat ginn.

Dëst Gesetz ass am Fong entstanen duerch eng Jurisprudenz, déi den 28. November 1996 déi flexibel Interpretatioun vum Artikel 187 vum Code vun der Sozialversécherung total op d'Kopp geheit huet. Den Artikel 187 vum Code seet: „Et ass een invalid, wann ee seng lescht Aarbecht net méi kann ausféieren oder eng Aarbecht, déi engem senger physische Fäegkeeten entsprécht.“

Virun där Jurisprudenz ass den Artikel 187 awer esou gehandhaabt ginn, dass een, dee seng lescht Aarbecht net méi konnt ausféieren an dat mat engem medezineschen Avis konnt begrënnen, als invalid erkläert ginn ass. Dës Interpretatioun huet jorelaang jiddfreen hei am Land arrangéiert, besonnesch awer d'Wirtschaft an un der Spëtzt d'Groussindustrie, fir hire Personalof-

bau kennen op Käschte vun der Allgemengheet ze bedreiwen.

Ech erënneren drun, dass souguer eng Kéier e Gesetz gestëmmt ginn ass, wou ee konnt mat 50 Joer an d'Invalidérent goen, wann ee 50% invalid war. Mir wësse jo mat wat fir enger Flexibilitéit dass dat Gesetz deemools gehandhabt ginn ass. Sou datt ee sech d'Fro stellt: Soll een déi Leit dann elo haut net nach eng Kéier erëmruffen an da kucken, ob se wierklech invalid sinn?

D'Fro, déi sech nach stellt, ass: Wisou ass d'Schrauf op eemol erëm esou zougedréint ginn? Oder besser gefrot: Huet net iergendeen déi Jurisprudenz do bestallt? Den Här Di Bartolomeo huet d'Zuelen hei opgezielt, dass d'Demandeuren zrëckgaange si vun den Invalidérenten, mä dass duerfir – an dat ass kloer bewisen – awer d'Krankekeese méi belaascht gi sinn, well eben déi Leit, déi da gefäert hunn, fir eng Invalidérent ze froen, dann nach ebe méi laang sech krank gemellt hunn, net onbedéngt mat där Krankheet, déi am Fong geholl hir Invaliditéit uitgemaach huet. Et ass eng Verlagerung ginn, dat heescht et huet héchstwahrscheinlech nach méi kascht wéi et kascht hätt, wann déi Leit hätte kennen eng Demande maachen an hir Invalidérent kritt hätten.

Fazit ass, dass duerch déi Jurisprudenz op jidde Fall e Sozialofbau entstanen ass, anhand vun deem eng grouss Zuel vun Demandeur vum Invalidérenten a sozial Nout gerode sinn, well se vu kenger Säit eng Ennerstëtzung kritt hunn. Dëst Gesetz soll also dëse sozialen Noutstand behiewen, wat zum Deel dann och geschitt. Dëst Gesetz seet awer a senger Philosophie genau dat selwecht wéi déi fréier Interpretatioun vum Artikel 187 vum Code, nämlech dass een als invalid ugesinn ass fir déi Aarbecht, déi ee virdu gemaach huet, wann een déi net méi ka maachen.

Wann dat esou soll sinn, da wier et eigentlech duergaangen den Artikel 187 esou ze formuléieren, dass een invalid ass, wann een déi Aarbecht net ka maachen, déi ee virdu gemaach huet. Wann ee vum Contrôle médical als erëm apte au travail geschriwwen gi wier, da wier et duergaangen, fir am Artikel 187 dobäizefügen, dass de Patron, deem ee beschäftegt huet, ee misst erëmhuelen, aus Punkt, wat eigentlech eng Selbstverständlechkeet misst sinn. Dat misst an eise Sozialwiesen applizéiert ginn. An dësem Gesetz ass virgesinn, dass de Patron ee misst erëmhuelen oder muss eng Strof bezuelen, eng Strof, déi menger Usicht no, lächerlech ass an déi kee Patron dozou verleede wäert nach een erëmhuelen.

De Problem, dee sech einfach elo stellt, an dat ass eng Fro, Här Minister: Déi provisoersch Invalidérenten, déi et elo gëtt, well déi meescht si jo nach net definitiv, ginn déi dann elo definitiv oder falen déi Leit alleguer d'office elo dann an déi Prozedur do eran?

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Entschëllegt, déi Fro ass scho gestallt ginn a si ass och souguer am Projet de loi beäntwert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Ah!

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech wäert drop agoen.

M. Aly Jaerling (ADR).- Da kënnt eng aner Fro: Déi Leit, déi elo erëm schaffe geschéckt ginn, déi elo eng provisoersch Invalidérent hunn, do geet de Patron, fir de Risque ze ëmgoen, dass dee Mann eng Prozedur aleet géint hien, dann hin an e stellt en einfach an. E léisst en och net iwwert d'Aarbechtsmedezin lafen, wat e jo net onbedéngt muss, an en entléisst en no dräi Méint.

Här Minister, wat maache mer da mat deene Leit? Ech kann lech soen ech kennen d'Praxis a mir als Gewerkschaftler kennen d'Praxis, do kënnt eppes op eis duer, wou d'Gewerkschaften dann awer mussen dofir suergen, dass do Remedur geschafe gëtt, an da wäert Der gesinn, dass dee Gesetzesprojet an der Praxis net esou einfach ëmzesetzen ass.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här Jaerling, fir déi dote Saach musst Der deen anere Minister uschwätzen.

(Hilarité)

Une voix.- En hat gesot: Här Minister.

(Interruptions)

M. Aly Jaerling (ADR).- Ech géif mengen, wann Der lech e bësse méi no beienee setzt, da geroden ech all Kéiers dee Richtegen!

(Hilarité)

Här President, ech wëll awer och nach hei, aus menger Siicht, e puer Hannergrënn vun dësem Gesetz beliichten.

Wann de Patron den invalide Salarié net wëllt erëmhuelen, da kritt de Salarié vun der Allgemengheet e Revenu d'attente, nodeem en all Prozeduren duerchlaf huet, wéi de Chômage oder de Recours géint de Patron, fir hien erëm anzustellen. Dëse Revenu d'attente ass weder eng Chômageindemnitéit, nach eng Rent. Dëse Revenu gëtt awer vun de Pensiounskeese bezuelt, sou wéi ech et richtig verstane hunn.

Dat heescht, d'Pensiounskeese mussen erëm eng Kéier bludden duerch eng Politik, déi net kapabel ass, duerch eng feig Politik, géif ech esouguer soen, déi net kapabel ass, och d'Patrone voll mat an d'Verantwortung ze huelen, am Zesummenhang mat der Invaliditéit vun de Salariéen.

Et geet awer nach méi wäit! Mat dësem Gesetz gëtt och eng Manipulatioun vun de Chômage- an vun de Rentestatistike provoziert. Déi Leit, déi nämlech esou e Revenu d'attente kréien, fanne mer weder an de Chômagestatistiken, nach an de Statistiken vun de Renten erëm.

Mer wëssen, datt et vun der EU gewollt ass, eise Liwensaarbechtsalter bis 2010 ëm fënnef Joer ze erhéijen. Da komme mer mat der Manipulatioun vun de Statistiken, déi mat dësem Gesetz méiglech sinn, dësem Wonsch vun der EU méi no.

Et geet also bei dësem Gesetz haaptsächlech och drëm, fir eng méi séier, awer méi eng gezillte Réinsertioun vun den invalide Salariéen an d'Aarbechtswelt eranzekréien. Et soll een dann och hei kloer soen, dass dat och ee vun den Haapthannergedanke vun dësem Gesetz ass.

Dëst Gesetz verschiebt och, menger Usiicht no, d'Verantwortung vum Contrôle médical vun der Sécurité sociale ze vill op d'Aarbechtsmedezinner, déi mussen decidéieren ob de Salarié apte ass a sengem ehemolege Betrib ze schaffen. Ech wëll hei kengem Arbechtsmedezinner iergendeppes ënnerstellen, mä ech kennen d'Praxis aus engem grouse Betrib, an do dinn engem heiansdo d'Ouere wéi.

Méi richteg wier et gewiescht, dass de Contrôle médical vun der SECU muss an alle Fäll an engem medezinneschen Avis, deem dem Assuré zougängeg ass, begrënnen, firwat dass en dem Assuré d'Invalidérent net gëtt. Dat ass de Renversement de la preuve, wéi et hei ass. Elo muss de Salarié beweisen, dass en invalid ass, anhand vu sengem Dokter, mä hei soll d'Sécurité sociale beweisen, dass de Salarié net invalid ass. Dat mécht se net, well se schéckt em einfach e Refus vun der Invaliditéit bis elo – dat ass och an dësem Gesetz net anescht –, andeem dass se einfach den Artikel 187 vum Gesetz zitëiert, ouni awer dozou opgefuerdert ze si fir dat medezinnesch ze begrënnen. Do ass awer ee Lapsus an deem Gesetz gewiescht an dat wäert och weider bestoen, well hei och keng Obligatioun ass fir dat medezinnesch ze begrënnen.

Här President, et ass wuel esou, dass déi Assuréeen, déi virdrun duerch déi restriktiv Interpretatioun vum Artikel 187 näischt kruten, elo net méi am Ree stinn. Och dat hätt kënne méi einfach iwwert d'Bühn goen, andeem een d'Krankegeld esou laang weiderbezuelte hätt, bis déi definitiv Décisiounen op d'Invaliditéit oder net getraff wieren. Da wiere sécherlech déi laang Prozedurzäite ganz séier eriwuer gewiescht. Da bräichte mer och keen neie Gremium, dee bal 1,2 Milliounen Euro pro Joer kascht.

Dëst Gesetz bréngt wuel eng Verbesserung fir déi Betraffen, awer alt erëm op d'Käschte vun de Pensiounskeesen an dem Fonds pour l'emploi. D'Ekonomie awer, déi mat verantwortlech ass um Verschleiß vun de Salariéen a vu villen hirer Invaliditéit, kënnt mat engem bloen A erëm dervun a se kritt och esouguer nach Cadeaue gemaach wa se e Salarié erëmhält deem invalid ass. Ech hunn hei scho gesot, dass et awer selbstverständlech misst sinn, dass een, deem e Salarié an Invaliditéit ass, misst vu sengem Betrib erëmgeholl ginn, ouni dass vill Konditiounen gestallt ginn.

Wann d'Suen also schonn aus de Pensiounskeese fléisst fir deene Leit ee Revenu während där Prozedur ze garantéieren, da kënne mer déi Suen och direkt an transparent als Rent ausbezuelen oder vun de Krankekeesen, well krank sinn déi Leit jo, dat streit jo keen of, dat ass bewisen, och wa se vläicht nach iergendwou kënne ënnerdaach bruecht gi fir eppes ze schaffen.

Et ass wichteg a richteg, dass elo déi betraffe Leit eppes kréien, an et kënnt mer am Fong egal sinn, wou schlussendlech d'Suen hierkommen. Et ass mer awer net egal. Et duert och kengem egal sinn, datt ëmmer erëm Gesetzer gemaach ginn am Interesse vun der Ekonomie an dass d'Salariéen ëmmer erëm mussen d'Käschten droen, och wann elo e soziaalt Lach anscheinend gestoppt ass.

Et bleift awer nach ze bemierken, dass mer dat hei elo bei den Invalidérenten gemaach hunn, mä dass awer bei den Unfallrente genau deeselwechte Problem besteet. Een, deem duerch eng Unfallrente eng Zäit laang doheem war an erëm schaffe geschéckt gëtt an deem eng Procédure de recours aleet, huet dann och während där Zäit kee Revenu. Et missten och do deemno an der Reform vun den Unfallrenten, déi jo elo nach an dëser Legislaturperiod soll kommen, zumindest Mesuren ageféiert ginn, ähnlech wéi déi hei, fir dass och do eng Iwwergangsphas ass, fir dass déi Leit an deem Fall e Revenu hunn. Well soss riskéiere mer, dass jiddfereen, deem d'Unfallrente refuséiert kritt, sech dann d'Invalidérent ufreet a sech dann hei an déi Prozedur eramanipuléiert.

(Interruption)

Dat mécht näischt. Da schwätzen ech déi nächste Kéier eben net esou laang!

Dofir, Här President: Trotz deene positiven Usätz, déi an dësem Gesetz dra sinn, wäert ech mech enthalten, well ech einfach d'Gefill net lass ginn, dass dat do an der Praxis net ëmsetzbar ass, an dass all déi Prozeduren, déi hei ageleet ginn, deem Engrenage tëschent deene Prozeduren, net kënne fonctionnéieren, an dass d'Assuréeen och erëm an Zukunft nach hannert dem Won musse lafe fir hiert Recht ze sichen, an dass d'Gewerkschafte wäerte sécherlech mat dësem Gesetz alt erëm eng Kéier méi belaascht ginn.

Dofir deet et mer Leed, dass ech mech hei muss enthalten. Mä ech wëll awer deene Leit, déi versicht hunn, hei eng Léisung ze fannen, hir Mériten net a Fro stellen!

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt emol dem Rapporteur félicitéieren.

Effectivement, en huet dat ganz komplex a komplizéiert vun deem Projet de loi op enger ganz gudder Aart a Weis hei rapportéiert. Sou zwar, dass, mengen ech, trotzdeem jiddfereen erkannt hätt, dass un deem Projet hei ganz vill geschafft ginn ass an dass mer just dermat versicht hunn, iwwert déi verschidden Etappen, dat heescht déi véier Etappen, déi Engrenagen ze bréngen, déi d'éinescht esou vill ugeschwat gi sinn.

Dass dat effectivement net einfach ass, dat stëmmt, an dat geet och ebe justement aus där Komplexitéit ervir. Komplexitéit firwat? Éischtens emol hunn zwee Ministère ganz aktiv dru geschafft, dee vun der Sécurité sociale selbstverständlech an och dee vum Travail, wou ech muss soen, dass ech eng excellent Zesummenaarbecht mat dem Kolleg, dem Minister François Biltgen, hat.

Komplexitéit awer och zweetens, well déi heite Saach jo ausgeschafft ginn ass am Kader vun der Tripartite an dass mer also zousätzlech mussen elo kucken, fir d'Desideratae souwuel vun de Syndikater wéi och dem Patronat Rechnung ze droen.

Komplexitéit awer och dréttens, well mer hei mat deem Gesetz, an den Här Jaerling huet et d'éinescht deelweis ugeschnidden, een duebelen Objectif verfolgegt hunn. Fir d'éischt emol déi dramatesch oder heiansdo dramatesch Situatioun am Sozialen, déi no der Jurisprudence vu '96 bestanen huet, wou Leit praktesch an der sozialer Versuergung op sech ganz eleng, et sief dann den RMG, ugewise waren. Zweetens awer och hu mer versicht, eng Réinsertion professionnelle ze maachen, den Aptitudé vun deene Concernéierten entsprechend.

Ech muss och soen, dass ganz vill Leit, déi mech kontaktéiert hunn, Leit, déi an deem dote Fall sinn, frou driwwer sinn, well et stëmmt – an den Här Di Bartolomeo, mengen ech, huet et d'éinescht gesot –, et ass richtig, dass net jiddfereen, dee probéiert d'Invalidérent ze kréien, e liddrege Mënsch ass. Mä effectivement, et gëtt verschidde Leit, déi net méi kennen hir 40 Stonnen d'Woch effectivement maachen an deem Rhythmus, dee se virdrun imposéiert kritt hunn. Dofir ass et jo och esou, dass mer fir déi Leit net nëmme virgesinn hunn, dass se kennen op en anere Poste kommen, mä zousätzlech och nach, wa se géifen op deem Poste bleiwen, dass se dee Moment géifen een anere Régime de travail kréien.

Ech wëll awer och op där anerer Säit soen, dass ech och vill Patrone kennen, déi och gäre géife Leit, déi 25, 30 Joer bei hinne geschafft hunn, deene se munches ze verdanken hunn, bei sech halen, mä wou se gesot hunn: „Se ginn einfach mat deem, wat se kënne leeschten, ze deier. Se si praktesch net méi ze droen.“

Och do also komme mer mat deem heite Projet de loi dem Patronat entgéint.

Ech muss awer soen, dass dee Projet de loi hei herno wäert net nëmme bénéfique si fir déi Salariéen, déi touchéiert sinn, an och net nëmme fir de Marché du travail, mä ganz besonnesch och fir d'UCM. De Rapporteur huet d'éinescht de Chiffer genannt, dat heescht siwen an eng hallef Millioun Euroen, wou dee Congé de maladie vun 52 Woche Joer fir Joer d'UCM kascht huet.

Et ass de Mëtteg ganz oft geschwat gi vun der Komplexitéit vun den Difficultés d'exécution vun deem Gesetz, an dass och nach verschidde Lacunen dra wäeren. Ech hunn d'Prétentioun absolut net fir dat ofzestreden. Ech menge mir sinn hei deelweis op Neiland. Mir selwer mussen eis Erfahrungsge maachen an deenen éischte Méint a Jore fir ze kucken, wou eppes ze verbesseren ass respectivement wou mer mussen eng Schépp noleeën. Dofir sinn ech effectivement der Meenung, dass een no enger gewëssener Zäit, sief et zwee Joer, sief et dräi Joer, wa mer mengen, mir kënnen déi néideg Konklusioun draus zeien. Dee Moment wär dann ubruecht, fir eng Revisioun vun deem Gesetz ze maachen an em dee Moment, wann et néideg wär, de leschte Schlaff ze ginn.

Et ass och ugeschwat ginn hei, wat dann elo wär mat där sou genannter Invalidité provisoire, mä den Artikel 13 vun deem Projet de loi gesäit dat däitlech vir. Dat heescht, wann déi Invalidité provisoire ophéiert, kënn déi betreffend Persoun, de Salarié, an d'Procédure de reclassement. An deem dote Fall ass dat normalerweis nécessairement am Reclassement externe. En ass also agestuft als Demandeur d'emploi an touchéiert an deem Moment sai Chômagegeld.

Et si verschidde Saachen nach ugeschwat ginn, wou ech vläicht wëll Positioun huelen zu där Motioun, déi den Artikel 5 ubelaangt, dat heescht d'Indemnité d'attente ze remplacéieren duerch d'Pension d'invalidité. De Rapporteur ass schonn op d'Erklärungen agaangen, déi den Direkter vum IGSS an der Kommissioun ginn huet. Ech ka mech deenen Erklärungen nëmmen uschleissen. Et ass esou, dass op alle Fall, wat d'juristes Basis ubelaangt, vis-à-vis vun de Frontalieren absolut näischt géif geännert ginn doduerch, dass mer den Numm änneren.

Et ass och gesot ginn, dass mer en deementsprechende bilateralen Accord awer schonn hu mat Portugal. Et muss ee vläicht kucken, fir mat deenen aneren Noperen datselwecht ze kréien. Mä, ech muss lech awer soen, do si mir gréisstendeels ausgesat...

Une voix.- Entschëllegt, Här Minister, Portugal wäert awer déi nei Regelung och net unerkennen?

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Mir mussen dee Moment, hunn ech gesot, och nach kucken, mä Portugal, op alle Fall, erkennt awer d'Invalidité conditionnelle un. Esou zwar, dass et mat deene wäert relativ einfach sinn, fir en Accord ze fannen.

Mat deenen anere Länner ronderëm eis, fäerten ech, gëtt dat insgesamt vill méi schlëmm.

Wat den Artikel 14 ubelaangt, wou och Amendemente virleien, dat heescht d'Indemnité pécunière, dass déi ophält den Dag vun der Notificatioun vun der Décisioun vun der Commission mixte. Do kann ech mech nëmmen un den Text klammern, dee virgeschriwwen ass oder dee proposéiert ass an deem Projet de loi. Well, sou wéi et och schonn hei erkläert ginn ass, well ech effektivement awer der Meenung sinn, dass soss kënnent Abüe komme wat d'Recoursen ubelaangt. Dat heescht, dass géif versicht ginn, esou laang wéi méiglech d'Saach an der Zäit erauszuschleefen. Dat op alle Fall, mengen ech, wär net am Sënn vun deem heite Projet de loi, wou mer jo versichen, fir d'Prozeduren esou schnell wéi méiglech duerchzezéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi puer Erklärungen, déi ech wollt zu deem komplexen a komplizéierte Projet de loi ginn. Wéi gesot, mir mussen Erfahrung sammelen an deem doten Domän. Mir wäerten och, le moment venu, d'Konklusiounen aus deenen Erfahrungen zéien a mir wäerten op alle Fall dat Gesetz esou schläifen, wéi et sech dee Moment géif erweisen noutwendeg ze sinn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och emol fir d'éischt dem Rapporteur merci soe fir dee Bericht, deen e gemaach huet, wou e wirklech alles gesot huet wat ze soe war. Ech wäert da grad wéi de Carlo Wagner hei just e puer politesch Commentaire maachen an net nach eng Kéier op d'Technicitéit vum Gesetz zrëckkommen.

Ech wëll awer och e Merci soen un de Carlo Wagner an u seng Equipe am Ministère de la Sécurité sociale. Dat hei ass wirklech e Projet, dee ganz komplex war a wou d'Interesse vun der Sécurité sociale an déi vum Travail net ëmmer d'selwecht sinn, mä wou mer et fäerdeg bruecht hu mat de Sozialpartner, deenen ech och wëll merci soe fir hir Kollaboratioun, en Text ze maachen, deen eng intern Logik huet an deen och dierft an där Logik fonctionnéieren.

Ech wëll fënnef Remarque maachen.

Dat Éischt ass, dass fir mech – an do widdersprieche ech direkt dem Här Jaerling, dee seet, et gëtt net driwwer geschwat – dat Wichtigst bei deem Projet de Maintien à l'emploi ass. Dat ass de grouse Problem hei zu Lëtzebuerg, dass mer en Taux d'emploi vun eelere Leit hunn, deen ze niddreg ass. Dat hei ass en intelligent Element fir déi Leit kënnen op der Aarbecht ze halen an net an d'Alternativ falen ze loossen, nämlech dass se

herno, wéi der ganz vill elo sinn, dass se iwwerhaupt näischt hunn, déi zum Deel kee Chômage kréien, ganz vill Auslänner kréie keen RMG, well se d'Konditiounen vun der Résidence net erfëllen.

(Interruption)

Bei Net-EU-Bierger hu mer se nach. Mir hunn och Net-EU-Bierger, déi hei am Land schaffen.

Mir hunn also hei wirklech e Projet gemaach wou et drëm geet, de Maintien à l'emploi ze fördern. Et muss ee wëssen, dass tëscht 1998 an 2001 de Chômage insgesamt ëm 11% zrëckgaangen ass, mä an där ganzer Mass vu Leit, déi keng Aarbechtsplaz haten, ass d'Kategorie vun den iwwer 50-Jähregen ëm 29% an d'Luucht gaangen. Mir hunn do en Drock a mir mussen eppes maache fir deene Leit zu enger Aarbechtsplaz ze verhëlfen. An dat Intelligenst ass nach ëmmer de Reclassement interne, nämlech dass se dann net ausgemustert ginn, esoubal se e Gebiechen hunn, mä dass mer de Patronen hëllefen, zum Deel och forcéieren – Dir fannt an deem Projet ëmmer „carotte et bâton“ erëm –, fir déi Leit op enger Aarbechtsplaz ze behalen. Dat ass dat Wichtigst, an ech hoffen, dass dat fonctionnéiert.

Dat ass och, wéi den Här Bausch richteg gesot huet, e Problem vu Responsabilité sociale des entreprises a vu Preventioun, an dat Thema wäerte mer och am Hierscht lancéieren.

Dat Zweet wat wichtig ass, dass déi Leit eng sozial Offfiederung hunn. Déi Leit, déi erausfalen, falen awer net méi onbedéngt an e Lach, wéi dat virdrun de Fall war. An ech sinn als Aarbechtsminister ganz frou iwwert déi sozial Offfiederung, ëmsou méi wou ech selwer als Deputéierten eng Proposition de loi iwwer eng nei Regelung vun der Invalidépendioun deponéiert hat, wou et och sollt drëm goen, fir d'Leit besser ofzesécheren.

Dat drëttwichtigst Element an deem Projet ass, dass mer méi Transparenz kréien. Elo ginn d'Patronen zum Beispill besser informéiert wou iwwerhaupt den Dossier vun engem Salarié drun ass. Bis elo hate mer ganz oft de Fall, dass e Patron net wousst wat mat sengem Salarié geschitt ass, an dass de Salarié dann op eemol gemierkt huet, dass en entlooss war, dass de Kontrakt ofgelaf war. Hei gëtt méi Transparenz an d'Prozedure gemaacht an d'Prozedure gi méi séier. Verschidden Orateuren hu kritiséiert, dass se méi séier ginn. Ech verstinn och déi Soucien, well ech selwer an deem Domän geschafft hunn. Et ass net ëmmer einfach, en Dossier séier ze maachen, mä mir musse kucken, dass d'Dossiere séier weiderkommen.

Et geet jo net nëmmen drëm, dass den Assuré muss säi Recours méi séier eraginn. Et geet drëm, dass d'Gerichter hir Uerteeler méi séier huelen, an dat ass och an deem Projet ageschriwwen.

E véierte Punkt ass deen, dass mer fir d'éischt emol eng Kéier d'Frontaliere materabréngen. Och do si Kriticke komm. Et muss een déi Kriticken emol erëm eng Kéier relativéieren.

Ëm wat geet et eis hei? Hei geet et eis jo net an éischter Linn drëm, dass d'Frontaliere solle Suen zu Lëtzebuerg kréien. Si kréie bei der Indemnité d'attente datselwecht wat se och géife bei der Invalidépensioun kréien. Virun allem geet et drëm, dass mer déi Frontalieren, déi zu Lëtzebuerg schaffen, déi hei invalid ginn, net einfach heemschécken, mä dass mer deenen och hëllefen, de Reclassement interne an de Reclassement externe zu Lëtzebuerg ze maachen.

Beim Reclassement externe hu mer da fir d'éischt eng Kéier e Beispill, wou Frontalieren och zu Lëtzebuerg kënne Chômage kréien. Et dierf een also net vergiessen, dass mer hei eng grouss Avancée maachen, fir de Frontalieren entgéintzekommen, déi jo och en Undeel hunn un där Produktivitéit an un deem PIB, deen zu Lëtzebuerg geschaaft gëtt. Doriwwer erausgoe géif awer bedeuten, dass mer eis ganz Gesetzgebung, eis ganz Philosophie géifen op d'Kopp setzen, an ech mengen net, dass mer à ce stade kënnen driwwer erausgoen, fir ze soen, all Frontaliere gi behandelt, wéi wa se nëmmen zu Lëtzebuerg wäeren. Esou wäit ass d'europäesch Recht net. An ech soen lech, dass wa mer all Frontalieren an der Lëtzebuerger ADEM hätten, da misste mer awer hei vill Numerus claususse stëmmen.

Mä nach eng Kéier, mir maachen hei virun allem eppes Soziales fir d'Frontalieren. Si kréien déiselwecht Chancen hei zu Lëtzebuerg hir Aarbechtsplaz ze behalen, respektiv zu Lëtzebuerg erëm eng ze kréien. Ech mengen, dat ass scho ganz vill wäert an dat ass méi wäert wéi d'Diskussioun iwwert d'Héicht vun der Indemnité d'attente.

Fënneft a lescht Remarque, déi ech wëll maachen: Mir hunn hei zwee Nieweprodukter am Aarbechtsrecht, déi een och net soll vergiessen. Dat eent Nieweprodukt ass dat, dass mer hei emol erëm eng Unnäherung maachen tëschent dem Aarbechterstatut an dem Privatbeamtestatut. Dës Kéier passe mer emol eng Kéier de Privatbeamtestatut dem Aarbechterstatut un, well wat de Krankeschutz ubelaangt ass den Aarbechterstatut méi favorabel wéi de Privatbeamtestatut. Och dorobber sinn ech ganz stolz als Aarbechtsminister.

En anert Nieweprodukt, wou ech och ganz stolz sinn, well ech dat eng Kéier op eng Äntwert op e Lieserbréif och öffentlech versprach hat, ass, dass mer an deem Gesetz déi Klausel ofschafen, dass een, dee Chômage kritt, vun deem Chômage dat ofgehalen kritt wat säin Ehepartner oder säi Liewenspartner verdéngt. Hei stelle mer erëm de Prinzip hier, dass d'Recht op Chômage en individuellt Recht ass an dass een net kann am Chômage gestrooft ginn doduerch, dass een en aneren doheem huet, deen och verdéngt.

Et waren e puer Lieserbréiwer virun enger Partie Méint, an ech hu versprach, bei där éischtbeschter Geleeënheet géif ech dat dem Parlament zur Ofännerung virschloen, an déi éischtbeschter Geleeënheet war d'Invalidépensiounsgesetz, an dat steet dann och am Artikel 24, Paragraph 2, an dat ass eppes wat ville Leit dierft hëllefen, déi elo hir Aarbecht verléieren an dann och nach kee Chômage kréien, nëmme well se ebe mat engem zesummeliwwen, dee méi verdéngt.

Dat zu menge Remarken. Nach e puer kuerz Wieder zu den Amendementen zum Artikel 14 an zum Artikel 20. Den Här Wagner huet jo schonn zum Artikel 5 Stellung geholl.

Ech wëll emol soen, dass dat hei keng politesch Diskussioun ass. Den Här Di Bartolomeo wollt, mais c'est de bonne guerre, soen, hei leien den Här Wagner an den Här Biltgen net op enger Linn. Si misste sech emol eens ginn. Esou ass dat net. Et ass eng reng, awer ganz komplex an och interessant technesch Diskussioun a si gouf och souwuel vum Här Di Bartolomeo wéi vum Här Gibéryen am Detail gefouert. Den Här Gibéryen huet jo och bewisen, dass et net esou ass, dass hei e Problem wär, well den Här Wagner an den Här Biltgen net eens wieren, mä dass et e Problem ass, dee mer wëlle léisen.

Zum Artikel 14 huelen ech net Stellung.

Zum Artikel 20 wëll ech just den Auteurs soen, déi deen Amendement hei virgestallt hunn, dass se hätte missten an hirer Logik och den Artikel 18 bréngen, well d'Artikelen 18 an 20 si limitéiert.

(Interruptions diverses)

D'Artikelen 18 an 20 si parallell gelinkt. Et geet dorëm, wann e Kontrakt eriwwe ass.

D'Fro, déi sech natierlech stellt, ass: Wat solle mer maachen? Ech soen nach eng Kéier dat wat ech ëmmer soen. Dës Majoritéit ass keng Kopfnickermajoritéit an hei muss d'Parlament seng Verantwortung iwwerhuelen op engem technesche Punkt. Ech hunn an der Chamberkommissioun gesot, an ech soen et och hei, dass ech perséinlech Sympathien hu fir den Avis vum Statsrot. Am Prinzip huelen ech ëmmer den Avis vum Statsrot un, et sief dann, ech hätt wierklech schwéier Bedenken fir den Avis vum Statsrot net unzehuelen. Déi schwéier Bedenken hunn ech net, esou dass ech gudde Gewëssens konnt soen, dass ech kee Problem hätt, wann d'Chamberkommissioun géif op den Avis vum Statsrot iwwergoen an d'Artikelen 18 an 20 unhuelen. Mä et ass eng Décisioun, déi Der konnt noliessen am Rapport vun der Commissioun, déi motivéiert ass, déi eingehend diskutéiert gouf an der Chamberkommissioun, a wann d'Parlament sech der Chamberkommissioun ralliéiert an zréckgeet op den ursprüngleche Regierungstext, deen och aus enger Tripartite kënnt an deen ech och nach selwer formuléiert hunn, kann ech awer net mat der

Chamber Sträit kréien, wa se mäin ursprünnglechen Text erëmhëlt.

Ech mengen, d'Chamber soll dat huele wat se fir richteg fënnt. Et kann een iwwert déi zwee Texter diskutéieren. Béid hu Vir- an Nodeeler. Wéi gesot, d'Chamberkommissioun huet sech och vill Méi gemaach, fir déi Diskussioun ze féieren.

Ofschléissend wëll ech zu deem dote Punkt soen, wéi zu aneren och, egal wat elo d'Chamber décidéiert, huet den Här Glesener absolut Recht wann e seet, mir sollen no zwee Joer e Bilan maachen. Et komme bestëmmt Punkte wou ee seet, hei misst een dat eent oder dat anert änneren. Dës Regierung ass op alle Fall bereet mat lech dee Bilan ze zéien an op all deenen technesche Punkten, wou mer elo doutsécher nach net wësse wat alles ka kommen, dann eppes riicht ze bëien.

Mais en attendant, mengen ech, soll d'Chamber de Projet esou stëmmen, wéi en hir virgeluegt gouf.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun as ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4872 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugehall.

Den Artikel 5 ass gelies.

Amendement 1

Zum Artikel 5 hu mer en Amendement virleie vun der sozialistescher Fraktioun. Mir stëmmen elo driwwer of, ob mer den Text, wéi e vun der Kommissioun virgeluegt gouf, bäibehalen oder net.

Vote

Déi fir den Amendement 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

Den Amendement 1 ass mat 34 Stëmme géint 19 a 5 Enthaltungen verworfen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jeannot Krecké), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Lucien Lux), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres).

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri

Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helmingier (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Gusty Graas), Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel), John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Den Artikel 5 ass also ugehall an där Form, wéi e vun der Kommissioun virgeluegt gouf.

D'Artikelen 6 bis 13 si gelies an ugehall.

Den Artikel 14 ass gelies.

Amendements 2 et 5

Zum Artikel 14 hu mer zwee Amendementer, d'Nummeren 2 a 5. Deen een ass vun der sozialistescher Fraktioun abruecht ginn an deen anere vum ADR. Vu dass déi zwee Amendementer deeselwechten Inhalt hunn, maache mer e gemeinsame Vote.

Vote

Déi fir d'Amendementer 2 a 5 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Amendementer 2 a 5 si verworfen mat 34 Nee-Stëmmen, 17 Jo-Stëmmen an 8 Enthaltungen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jeannot Krecké), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombero, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering (par M. Xavier Bettel), Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

Den Artikel 14 ass an där Teneur ugehall wéi vun der Kommissioun proposéiert.

D'Artikele 15 bis 17 si gelies an ugehall.

Den Artikel 18 ass gelies.

Amendement 3

Mir sinn zum Artikel 18 mat dem Amendement 3 befaasst, dee vum Här Di Bartolomeo abruecht ginn ass.

Vote

Déi fir deen Amendement sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

Den Amendement 3 ass verworf mat 31 Nee-Stëmmen, 20 Jo-Stëmmen a 5 Enthaltungen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering (par M. Xavier Bettel), Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Den Artikel 18 ass esou ugehall wéi vun der Kommissioun proposéiert.

Den Artikel 19 ass gelies an ugehall.

Den Artikel 20 ass gelies.

Amendement 4

Zum Artikel 20 hu mer den Amendement 4, dee vum Här Gibéryen abruecht ginn ass.

Vote

Déi fir deen Amendement sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

Den Amendement 4 ass verworf mat 35 Nee-Stëmmen, 18 Jo-Stëmmen a 4 Enthaltungen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering (par M. John Schummer), Marco Schroell (par M. Niki Bettendorf), John Schummer et Théo Stendebach;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Jean Huss.

Dem Artikel 20 ass esou ugehall wéi vun der Kommissioun proposéiert.

D'Artikelen 21 bis 27 si gelies an ugehall.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4872.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen an 2 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Nico Loes), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Xavier Bettel), Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero et Aly Jaerling.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Motion

Mir hunn nach eng Motioun virleien, déi vum Här Aly Jaerling abuecht ginn ass. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, ech wëll kuerz soen, ëm wat et geet. Et geet drëm, dass d'Rentner elo wuel déi Suen ausbezuelte kritt hunn, déi um Renten-dësch ausgehandelt an am Gesetz festgehale gi sinn, mä dass se keng Erklärungen derzou kritt hunn an eng Rei vun hinnen net kënnen novollzéien, wat se iwwerhaapt

do kritt hunn, well och nach den Index mat dran ass, an och schonn déi Steuer matofgehele gouf vun der Joresennzoulag, déi se eréischt um Enn vum Joer kréien.

Dat schaaft vill Konfusioun an et wär wichteg, well eng wesentlech Ännerung an hirer Renteberechnung komm ass, dass d'Rentner en detailléierten Dekont kréischen, fir dass se dat och kënten novollzéien. Dat ass de Sënn vun dëser Motioun.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Très bien!

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, déi Motioun huet näischt mat deem Projet ze dinn, dee mer diskutéiert an ofgestëmmt hunn, well awer quant au fond et Leit gëtt, déi mengen, dass de Bienfondé vun dëser Motioun net onbedingt vun der Hand ze weisen ass, wär et gutt, wann een d'Haltung vun der Regierung géif kennen.

Ass dat, wat hei gefrot gëtt, machbar? Mir hate schonn ähnlech Demanden, déi net ugeholl gi sinn. Mir missten dofir wëssen, wéi d'Regierung sech dozou stellt. Mir kënnen net jiddfer Eenzelnen e Bréif schécken, wéi am Detail seng Rent ausgerechent gëtt, respektiv wéi d'Augmentatiounen bei him zu Buch schloen. Dat ass technesch a praktesch net méiglech.

Ob awer eng generell Informatioun, wéi d'Berechnungen virgeholl gi vun de Renten, ob dat méiglech ass, dat weess ech net. D'Regierung soll ons soen, ob se mengt, dat kënn ee maachen an dann décidéiere mer doropshin.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister Wagner.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, fir dat ze realiséiere mat deene Leit, déi mer hunn, dat ass kaum méiglech, och net mat deene Programmer.

Ech mengen, dass et méi räsonnabel ass, wann déi Leit, déi mat där Ofrechnung, déi se kréien, Schwierigkeeten hunn, sech un hir Keess wenden, fir Erklärungen ze kréien.

(Protestations)

Et ass, wéi den Här Weiler et seet, fir allgemeng Erklärungen ze ginn zur Berechnung vun de Pensiounen, do gleeft mer, do froen ech mech wéi vill Leit eppes vun de Majorations proportionnelles, forfeites an esou weider kennen.

Et ass dat eng Saach, déi relativ schwéier materiell ze realiséieren ass an am Endresultat de Leit näischt géif bréngen. Et géif héchstens zu weiderer Konfusioun bäidroen.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, ech perséinlech mengen, wat d'Leit interesséiert, dat ass den Ënnerscheed tëschent där Rent, déi se virdrun hatten, an deem, wat se méi kréien duerch de Rentendësch.

Dat wësse se de Moment effektiv net, well e puer Méint zesummen iwwerwise gi sinn. Ech fäerten awer, dass bis dee Bréif fäerdeg ass, wou d'Leit informéiert ginn, a bis dee verschéckt ass, d'Leit déi nei Rent scho kritt hunn a se selwer erausfonnt hunn, wat se méi kréien.

Et ass unzehuelen, dass eréischt fir Chrëschttag dee Bréif kéim an d'Leit schonn deen nächste Mount hir richtig nei Rent kennen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, mir mierken elo an der Diskussioun, dass queesch duerch d'Reie jiddferree weess, dass et e Problem ass, an dofir mengen ech, dass et kee Wäert huet dës Motioun am Schnellverfahren ofzelehnen. Ech géif dofir proposéieren, dass mer se sollten an d'Sozialkommissioun huelen, fir dass mer do mat den Expäre kënnten iwwert déi Problematik schwätzen.

Ech sinn der Meenung, dass d'Rentner all Mount missen e regelrechten Dekont vun hirer Pensioun kréien, wat u Krankekeess, wat u Steiere bezuelt gëtt, zemoos wann et elo nach méi komplizéiert ginn ass mat der Joresennzoulag. D'Leit kréien e Montant iwwerweisen, mä si wëssen net wéi am Detail een op dee Montant kënnt. Mir misste wierklech generell eng Kéier doriwwer mat den Expären diskutéieren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Glesener.

M. Marcel Glesener (CSV).- Här President, ech si mat där Proposition d'accord an hu Verständnis fir dat, wat den Här Jaerling a senger Motioun freet, an dat ëmsou méi, well anscheinend falsch Informatiounen un d'Rentner erausgaange sinn.

Ech hunn hei e ganz konkrete Fall vun enger Witfra, eng aarm Louder, déi kritt e Virement wou drop steet: „Nachzahlung vom Rentendësch“. Där Fra hir Rent ass

awer nach net nei gerechent. Et steet och e Betrag drop. Wat se kritt huet, dat ass den Index vun deem engem Mount virdrun, dee se nach net kritt hat, mä si huet awer nach keng Nachzahlung vum Rentendësch kritt.

Déi Fra seet sech: Fënnf Méint Nachzahlung, 23 Euro. All Respekt!

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Rapporteur Bettendorf.

M. Niki Bettendorf (DP), rapporteur.- Här President, déi Interventioun hei huet ganz sécher hir Berechtigung. Ech géif dat, wat gesot ginn ass, dass mer déi Motioun sollen an d'Kommissioun huelen, ënnerstëtzen.

Mir sollen dem Minister Zäit ginn, fir mat senger Betriber ze kucken, wat machbar ass, fir d'Leit dobausse besser ze informéieren.

Mir hu mat enger grousser Unanimitéit déi Renteverbesserunge gestëmmt an et ass wichteg, dass mer de Leit dobausse kënne soen, wat se dann elo awer méi kritt hunn.

Mir hunn elo keng Sitzung méi vun der Kommissioun bis Enn September. De Minister kënnt dann eng Kéier bei eis a seet eis, wat machbar ass, fir d'Informatioun un d'Bierger ze verbessern.

M. le Président.- Ech stellen déi Proposition zum Vote par main levée.

Vote

Wien ass mat där Proposition d'accord?

Wien ass dergéint?

Ech gesinn, et ass keen dergéint.

Ah dach, eng Persoun.

D'Motioun vum Här Jaerling gëtt un d'Kommissioun verwisen.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächste Sitzung ass muer de Mueren um 9 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.04 heures)

Question urgente N°1738 de M. Robert Garcia relative au blanchiment d'argent issu du trafic de drogues et d'armes	pages 2137-2138	Débat d'orientation sur le développement durable au Luxembourg – N° 4777	pages 2188-2212 pages 2214-2248
Heure de consultation sur les sans-papiers	pages 2139-2155	Communications	page 2213
Projet de loi 4790 portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un Etat membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant:		Dépôt d'une motion	pages 2213-2214 page 2248
1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;		Communications	pages 2249-2250
2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés	pages 2155-2174	Retrait du rôle du projet de loi 3795	page 2250
Dépôt d'une proposition de loi	page 2175	Ordre du jour	page 2250
Projet de loi 4806 portant approbation		Dépôt d'une proposition de révision concernant l'article 11 de la Constitution par Mme Renée Wagener	page 2250
– de l'Accord de partenariat entre les membres du Groupe des Etats d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et de la Communauté européenne et ses Etats membres, d'autre part,		Projet de loi 4464A portant	
– de l'Acte final		– création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel;	
signés à Cotonou, le 23 juin 2000		– modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales	
– de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des Etats membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement et à la gestion des aides de la Communauté dans le cadre du Protocole financier de l'Accord de partenariat entre les Etats d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique et la Communauté européenne et ses Etats membres, signé à Cotonou (Bénin) le 23 juin 2000, et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième Partie du Traité CE et de l'annexe, signés à Bruxelles, le 18 septembre 2000		et	
– de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des Etats membres, réunis au sein du Conseil, relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en oeuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE et de l'annexe, signés à Bruxelles, le 18 septembre 2000	pages 2175-2183	Projet de loi 4464B portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie . . .	pages 2250-2263
Projet de loi 4880 portant approbation de l'Amen- dement à l'Accord relatif à la conservation des chauves-souris en Europe du 4 décembre 1991, adopté à la troisième réunion des Parties à Bristol du 24 au 26 juillet 2000	pages 2183-2188	Projet de loi 4945 portant approbation de la Déci- sion des représentants des Gouvernements des Etats membres, réunis au sein du Conseil, relative aux conséquences financières de l'expiration du Traité CECA et au Fonds de recherche du charbon et de l'acier, adoptée le 27 février 2002	pages 2263-2266
		Projet de loi 4767 sur la police et sur l'exploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare	pages 2267-2301
		Projet de loi 4872 concernant l'incapacité du tra- vail et la réinsertion professionnelle	pages 2301-2317 pages 2318-2327
		Dépôt d'une motion	page 2318
		Noriichten aus der Chamber	pages 109-112
		Questions au Gouvernement	pages jaunes 377-384 au milieu du compte rendu